adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 JUIN 2017
3101

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'Fuerschung un embryonale Stammzellen ass ethesch a moralesch ëmstridden. An deem Kontext géif ech gär folgend Froe stellen:

1. Gëtt zu Lëtzebuerg op enger vun de folgenden Institutioune Fuerschung un embryonalen Stammzelle bedriwwen: Universitéit Lëtzebuerg, Luxembourg Institute of Health, Luxembourg Centre for systems biomedicine (LCSB) oder op iergend enger anerer Plaz, inklusiv a private Firmen oder Institutiounen?
2. Wa jo, wat sinn déi rechtlech Reegelen, no deenen des Fuerschung zu Lëtzebuerg bedriwwe ka ginn?
3. Duerch wat fir e Kontrollorgan gëtt séchergestallt, datt dës Reegelen och agehale ginn?
4. Ginn zu Lëtzebuerg Embryoen oder embryonal Tissuen, déi z.B. aus enger Ofdreiwung oder enger PMA mat « embryons surnuméraires » stamen, stockéiert, beispillsweis a Kliniken oder an enger Biobank? Wéi eng Regelen gëlle fir esou Embryonen, respektiv embryonal Tissuen ?
5. Wat geschitt mat Embryonen oder embryonale Zellen déi hei am Land der Fuerschung zur Verfügung gestallt ginn ? Ginn déi zu iergend engem Moment zu engem Handelsobjekt, dat heescht dat si kënne kaaf oder verkaaf ginn ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
24 JUIL. 2017

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 24 juillet 2017

Concerne: Question parlementaire n° 3101 du 20 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser
Réf. : 81ex4f5ef

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3101 du 20 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Recherche sur les cellules souches embryonnaires".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

La Ministre de la Santé,

Lydia MUTSCH

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3101 du 20 juin 2017 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant "Recherche sur les cellules souches embryonnaires".

An den Fuerschungszentren zu Lëtzebuerg gëtt keng Fuerschung un embryonalen Stammzellen bedriwwen. Onser Wëssen no ass och keng privat Firma bekannt déi esou eng Fuerschung zu Lëtzebuerg bedreift.

D' Découverte vum Fuerscher Shinya Yamanaka am Joer 2008, huet d' Nécessitéit vun der Fuerschung un embyronalen Stammzellen a Fro gestallt. Dësen Nobelpreistraeger huet erausfonnt dat een och kéint Zellen vun enger Erwuessener Persoun programméieren, soudatt pluripotente Zellen entstinn. Découverte vun den pluripotenten Zellen beim Embryo wore deemools den wëssenschaftlechen Grond firwat een Interessi do wor, fir d' Fuerschung op embryonalen Stammzellen ze ënnerhuelen.

Méi general geschwat kann een soen dat all biomedezinesch Fuerschung dem Avis vun der "Commission national d'éthique de la recherche" (CNER) ënnerläit.

Wann et eng Recherche oder eng Étude ass, déi als "Essai clinique" qualifizéiert gëtt, applizéiert sech d' Reglementatioun iwwert d'Essai cliniquen (Règlement grand-ducal du 30 mai 2005 relatif à l'application de bonnes pratiques cliniques dans la conduite d'essais cliniques de médicaments à usage humain). Dësen reglementareschen Kader gesäit fir, dat d'Autorisatioun vun engem Essai clinique vun dem Minister muss autoriséiert ginn, deen d'Gesondheet an sengen Attributiounen huet, an dëst no engem Avis vum CNER. Dëst gëtt och gemaach wann et sech em een Fuerschungsprojet handelt, deen d'Applicatioun vun engem medezineschen Dispositiv um Mënsch test.

Wat méi genau d'Gesetzetgebung ugeet iwwert Benotzung vun Embryoszellen no enger ofgebrachener Schwangerschaft, applizéiert sech d'Gesetz vum éischten August 2007 iwwert « tissus et cellules humaines destinés à des applications humaines ». D' Gesetz präziséiert an sengem Artikel 11 dat « tissus ou cellules embryonnaires ou foetaux » net kënnen prélevéiert ginn, konservéiert ginn oder benotzt ginn no enger ënnerbrachener Schwangerschaft, ausser wann dëst eng Finalitéit huet déi eng mënschlech Applicatioun huet. Hei geet et also net em eng Finalitéit vun der Fuerschung mee em eng medezinesch Finalitéit.

D'Abgab vum Embryo am Kader vun enger onerwënschten Schwangerschaft, däerf just no dem geschriwwen Averständnis stattfannen an nodeems d'Fra déi ugemiessen Informatiounen krut iwwer Finalitéit vun dëser Abgab. Dëst Informatioun muss een hier ginn, nodeems dat si décidéiert huet hier Schwangerschaft ofzebriechen.

Heizou kann een nach soen dat laut der Autorisatioun ministerielle fir den Service de Procréation Médicalement Assitée (PMA) am CHL vum 4. Abrëll 2003, et net erlaabt ass Fuerschung um Embryo ze ënnerhuelen.

Wat d'Embryoen ugeet déi iwweregbleiwen no enger PMA ("embryons surnuméraires") ass Cyroconservatioun vun Embryoen am Service PMA vum CHL erlaabt, esou dass am Service PMA vum CHL eng Biobank existéiert mee, dëst exklusiv am Kader vun der PMA.